

Neien Flyer

 [Flyer 2. Versioun.pdf \(203.7 KiB\)](#)

NEE ZUM AUSLÄNNERWAHLRECHT beim Referendum vum 7. Juni. Firwat?

- A kengem europäeschen Land dierfen d'Ausländer wielen goen. Firwat mussen mir déi éischt sinn, fir dat Experiment ze maachen?

- Sait 100 Joer fonctionnéiert d'Integratioun, och ouni Ausländerwahlrecht!

- Jiddereen kann d'Lëtzebuenger Nationalitéit unhuelen a weisen, dass en sech matt eiser Identitéit, der Sprooch an eiser Kultur identifizéiert an och eng emotional Bindung zum Land huet.

- Wéi kann en auslänneschen Bierger un der Politik deelhuele ouni Lëtzebuergesch ze schwätzen? Duerch d'Ausländerwahlrecht verléiert eis Sprooch ëmmer méi un Bedeitung.

- Mam Ausländerwahlrecht ginn mir eis Souveränitéit op. Den Artikel vun der Verfassung "le pouvoir souverain réside dans la nation" misst gestrach ginn.

- Ausländer kréien en Wahlrecht, d'Lëtzebuenger behalen awer d'Wahlpflicht.

- Et besteet de Risiko, dass eis Gesellschaft gespléckt gëtt: op der enger Säit déi lëtzebuergesch Wieler an op der anerer Säit déi auslännesch Wieler.

- Duebel Nationalitéit ass e bessere Wee, wann d'Konditioun vun der lëtzebuenger Sprooch bestoen bleift.

Zu den Konditiounen:

- Loosst Iech net täuschen! D'Regierungsparteien hunn d'Konditiounen temporär méi schwéier gemaach well se Angscht haten si géifen de Referendum verléieren.

- Et ass en Trick! Schonn elo gëtt vun "éischten Schrëtt" geschwat! Si wäerten d'Konditiounen an engem zweeten Schrëtt méi liicht maachen.

Bestellt Pechbiller an Flyer bei kontakt@nee2015.lu